

# AUGUST 2015 N° 40

# FËSCHBER GEMENGEBLAT

**Layout:** Ren Spautz

**Redaktioun:** Dany Hermes, Andrea Wagner, Marc Kolber, Roland Miny, Ren Spautz, Frank Weyrich.

**Mataarbechter:** Patrick Delmarque, Olivier Molitor, Chantal Fohl, Paul Provost, Marie-Louise Haas-Erpelding, Ralph Hermes, Jean-Claude Schaeffer, Vicky Wagner, Joël Weirich, Claude Malget, Verschaeren Marc.

**Drock:**
Faber-Print-services & solutions, Miersch

**Seite 1:** Äisvuggel vum Jean-Claude Schaeffer
**Seite 2:** Virwuert-Marco Karier, Schäffen
**Seite 3:** Klibberkanner
**Seite 4:** Éischt Kommioun
**Seite 5:** CTF & Theaterveräin
**Seite 6:** Gemengerotsëtzung
**Seite 7:** Porfest 2015
**Seite 8:** Olivier Molitor
**Seite 9:** Olivier Molitor
**Seite 10:** Härläicheprëssessioun
**Seite 11:** Fête de la musique
**Seite 12:** Nationalfeierdag
**Seite 13:** Nationalfeirdag
**Seite 14:** Regional Fotoausstellung
**Seite 15:** Regional Fotoausstellung
**Seie 16:** Hobby-Säit
**Seit 17:** Hobby-Säit
**Seite 18:** Redaktioun
**Seite 19:** Redaktioun
**Seite 20:** Redaktioun
**Seite 21:** Redaktioun
**Seite 22:** Service Krank Kanner Doheem
**Seite 23:** Tour de Luxembourg
**Seite 24:** Schoulfest
**Seite 25:** Schoulfest
**Seite 26:** Senioren-Dagesausfluch
**Seite 27:** VC-FILANO
**Seite 28:** VC-FILANO

Redaktiounsschluss Blat 41: 1. Dezember 2015

## VIRWUERT

Léif Biergerinnen a Bierger,

Mat der Schueberfouer steet den Hierscht scho virun der Dier, an domat och d'Rentrée vun der Schoul. 158 Kanner besichen dëst Joer d'Angsber Schoul, woubäi d'Limiten esou lues erreecht sinn. De Projet vun der Maison Relais/Cycle 1 ass ofgeschloss a steet am August um Ordre du Jour vum Gemengerot. No der Approbatioun vum Minister kënnen d'Soumissiounen am Hierscht iwwert d'Bühn goen, esou dass mam Bau virum Wanter kéint ugefaange ginn. De Juli schonn hunn d'Aarbechte vun der Installatioun fir d'Heizung an den Aménagement vum Parking ugefaang. Gehëtzt gëtt d'Maison Relais/Schoul duerch eng Holzhacksschnëtzelheizung, déi mat Holz aus der Regioun gespeist gëtt.

En Opruff un d'Elteren, déi hir Kanner mam Auto an d'Schoul bréngen, dach w.e.g. de Bus net ze blockéieren, an den Auto dem Code de la Route no ze parken. No dem Iwwerschaffe vum neie Verkéiersreglement kann d'Police elo duerchgräifen, wat mir awer duerch Sensibiliséierung vun de Leit wëlle verhënneren.
An der Schwämm ass no laangem hin an hier en Accord mat den zoustännege Firmen fonnt ginn. De Buedem gëtt während der Schoulvakanz erneiert, sou dass d'Kanner endlech ouni Verletzungen dem Schwammsport kënnen nogoen.

De „Maßnahmekatalog" vum Klimapakt ass esou wäit ausgeschafft, sou dass de Kontrakt zwëschen der Gemeng an dem « Ministerium für nachhaltige Entwicklung und Infrastrukturen » (MDDI) geschwënn ënnerschriwwe ka ginn. Zil heivunner ass Aspuere vun Energie, Steigerung vun der Energieeffizienz, souwéi Steigerung vum Asaz erneierbarer Energie. Merci dem Klimapakt-Team fir déi konstruktiv Mataarbecht während deene sëlleche Réuniounen.

Fir méi Sécherheet a Schutz viru schlechtem Wieder ass zu Schouss op der Haaptstrooss en neit Bushaischen installéiert ginn. Duerfir wäert och nach virun der Rentrée den Zebrasträife verluecht ginn.

2004 huet schonn de Büro Dewey Müller den Optrag kritt, fir en neie PAG (Flächennotzungsplang) auszeschaffen. No engen etleche Gesetzesännerunge gesi mir elo endlech un en Enn, an e geet an deenen nächst Méint an d'Prozedur a gëtt an enger Informatiounsversammlung dem Bierger virgestallt.
Iech alleguerte wënschen ech nach eng schéi Vakanz, e schéinen Alweibersummer an de Schüler an dem Léierpersonal e gudde Start an d'Schouljoer 2015-2016.

Marco Karier
Schäffen

# Klibberkanner



An der Ouschtervakanz sinn d' Kanner aus der Gemeng, begleet vun e puer Jonken, klibbere gaangen. Mat hiren Holzinstrumenter, déi schonn deelweis e puer Generatiounen am Asaz waren, hunn d'Kanner d'Leit an d'Kierch invitéiert.

De Klibberdingscht huet Gréngendonneschdeg ugefaangen an um Samschdegowend wor et mat der Feier vun der Ouschternuecht nees eriwwer. De Klibberloun sinn d'Kanner samschdes nomëttes bei richtegem Abrëllwieder mat hieen dekoréierte Ween duerch d'Stroossen oprafe gaangen. No der Aarbecht sinn déi sëllegen Eeër, Schneekegkeeten a Sue gedeelt ginn.

E grousse Merci de Kanner, datt se dëse flotte Brauch an Éiren halen. An och e Merci eisen Awunner, déi wéi all Joer ganz generéis woren. Mat engem Deel vum Verdingscht hunn d'Kanner d'Associatioun „ En Häerz fir kriibskrank Kanner" ënnerstëtzt.

Text: Chantal Fohl & Fotoen: Chantal Fohl a Rol Miny





# ÉISCHT KOMMIOUN



Op der Foto gesitt Dir vu lénks no riets:
ALMEIDA Jessica, DOS SANTOS SAMPAIO Carolina, de Kaploun RICHER Romain, CORREIA DA SILVA Francisco Manuel, DEGRAUX Liz, KARIER-ZENNER Danielle, FERREIRA MAGALHAÊS Veronika

Ufank Mee hu 5 Kanner aus eiser Gemeng hir éischt helleg Kommioun gemat. D'Mass, op déi sech zënter der Schoulrentrée preparéiert gouf, stoung ënnert dem Motto: Um Wee fir bei de Jesus.

An der Preparatiounszäit hunn d'Kommiounskanner ënnert anerem ee Nomëtteg Brout gebak, se hunn hir Kommiounskaërz gebastelt a se sinn an de Katechesen eppes iwwert d'Liturgie an d'Kierchegebai gewuer ginn.

Donieft hunn d'Kanner beim Krëppespill an dem Kräizwee eng Hand mat ugepaakt. D'Kommiounsmass ass vum Kaploun Romain Richer gehale ginn, d'Danielle Karier-Zenner huet mat de Kanner d'Lidder an d'Texter geübt. Ennerstëtzt goufen d'Kommiounskanner vun engem klengen Orchester, dee sech aus Jonken aus der Gemeng zesummegesat huet grad ewéi vun den zwee Kierchechéier.

Text: Chantal Fohl a Foto: Paul Provost




Fëschbech
Gaart & Heem

De Gaart an Heem organiséiert de **5. Mee 2016** op Christihimmelfahrt e

### Konscht-, Gaart- an Hobby-Maart

an a ronderëm d'Héicht zu Schous
vun 10h00 bis 18h00.

Wien Intressi un enger Plaz oder engem Stand huet, ka sech fir weider Informatioune beim **Marie-Anne Kauffmann** um Tel. 621-765 173 oder beim **Francine Frisch** um Tel. 621-425 795 mellen.

*****

Theaterveräin
Fëschbech
Schous - Angsbreg

**Den Theaterveräin Fëschbech – Schous – Angsbreg sicht motivéiert Spillerinnen a Spiller. Bass Du intresséiert, an enger flotter a lëschteger Equipe Theater ze spillen ? Da mell Dech bei eis, mir freeën eis op Dech !**

**De Comité**

| | |
|---|---|
| Tania Brosius-Schiltz | 661 79 03 89 |
| Jemp Degraux | 621 79 96 49 |
| Francine Frisch-Harles | 621 42 57 95 |
| Carlo Kraus | 691 31 68 97 |
| Anne Putz-Roth | 621 19 27 18 |

## Compte rendu de la réunioun du conseil communal du 12 mai 2015

**Présents:** M./Mme Brosius-Kolber, Karier, Majerus-Schmit, Daems, Trausch
**Absent:** Mme Haas-Erpelding

**1)** Est approuvé le compte - rendu de la séance du 11 mars 2015 (à l'unanimité).

**2)** Est approuvé l'état des restants à recouvrer de l'exercice 2014 au montant total de 23.063,98 EUR. Le montant des décharges approuvées s'élève à 213,60 EUR. Le solde de 22.850,38 EUR reste à poursuivre. (à l'unanimité).

**3)** Sont votés les crédits supplémentaires dans le budget ordinaire de l'exercice 2015 au montant total de 46.000 EUR (à l'unanimité).

**4)** Est approuvé le PPF (plan pluriannuel financier) de l'exercice 2015 (à l'unanimité).

**5)** Sont approuvés deux baux à long terme relatifs au fonctionnement des antennes GSM des P&T et Tango à Schoos (à l'unanimité).

**6)** Est approuvé définitivement le projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement général de la commune de Fischbach, partie graphique et écrite, concernant des fonds sis à Angelsberg au lieu-dit « Auf dem Bechel » aux abords de la « rue de Schoos », présenté par le collège des bourgmestre et échevins et élaboré par le bureau d'études Dewey Muller (version du 16 décembre 2014). A titre de précision, le terrain dont objet servira à la construction de la nouvelle maison relais.

**7)** Est approuvée la convention du 15 avril 2015 relative à la constitution du groupe LEADER Regioun Mëllerdall pour la période de 2015 à 2021.

Sont désignés l'échevin Marco Karier comme délégué et le conseiller Fränk Daems comme délégué suppléant auprès du groupe LEADER Regioun Mëllerdall (à l'unanimité).

**8)** Sont votés les subsides extraordinaires au montant de 50 EUR pour le « Kantonalimkerverein Mersch » et de 250 EUR pour l'association locale « En Apel fir den Duscht » (à l'unanimité).

**9)** Affaires courantes (signatures).

**10)** Point supplémentaire à l'ordre du jour (à l'unanimité) :
Est nommé Monsieur Christian Barthel, né le 2 juin 1973 et demeurant à 15, Laang Roepper à L-7475 Schoos au poste vacant de membre au conseil d'administration de l'Office social commun des communes de Fischbach, Heffingen, Iernzdall, Larochette, Nommern et Waldbillig (à l'unanimité).

# Porfest 2015

E Sonndeg, den 19. Juli hunn d'Gesangveräiner op d' Porfest op d'Schéisser Héicht invitéiert. Mat enger feierlecher Mass, gesonge vun der Chorale Ste-Cécile vu Luerenzweiler, huet dat 30. Porfest an der Fëschbecher Porkierch ugefaangen.

Den Apéritif an d'Iessen, Paschtéit mat Fritten an Zalot, goufen zu Schous zervéiert. Iwwert 200 Iessen woren am Viraus reservéiert ginn a vill fläisseg Hänn hunn zum grousse Succès vum Fest bäigedroen.

Eise Sponsoren an alleguerten de Leit, déi gehollef hunn, sief e grousse Merci gesot. Mat hirem Engagement erlaben si ais et, d'Reparaturkäschte vun der Uergel zu Aangelsbierg ze finanzéiren.

D'Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous gëtt Iech elo scho fir de 17. Juli 2016 Rendez-Vous, wann dat éischt Porfest vun der nei fusionéierter Chorale um Programm steet.

Text: Chantal Fohl a Foto: Claude Malget





# Mir planzen e Bongert

## vum Olivier Molitor

Och dëst Joer hu mir nees eng Parti Uebstbeem geplanzt. Hannert de Gäerden zu Schous, am Pit Schlechter senger Wiss, hu mir eng Rei Uebstbeem geplanzt.

De 25. März dëst Joer hunn d'Kanner mat hirer Joffer aus der Angsber Schoul eis zolidd mat Spuet an Heel gehollef, fir 10 Uebstbeem ze planzen. Well hei an där Wiss am Summer dem Pit seng Schof stinn, hunn d'Bëschaarbechter am Virfeld mat décken Eechepéil an Drot Kadere gebaut, fir datt d'Schof d'Beem net schiele kënnen. No der Aarbecht ass et nach als Stäerkung e gutt Glas Jus ginn, an dunn hunn d'Kanner sech erëm op den Heemwee gemeet.

Wann och dir wëllt hei an der Gemeng e Bongert uplanzen, een, deen et ewell gëtt, wëllt vergréisseren, oder en ale Bongert wëllt ausplanzen, da mellt Iech bei mir.

Fir an de Genoss vum staatleche Subsid ze kommen, mussen op d'mannst 10 Héichstammbeem geplanzt ginn an den Terrain muss an der Zone verte leien.

Mir iwerhuelen déi meeschten Onkäschten, Dir musst just d'Beem virfinanzéieren a kritt d'Suen duerno iwwert e Subsid erëm zréck.

**Kontakt:** Olivier Molitor, Préposé forestier, Tel: 26 32 25 66 / eMail: Olivier.Molitor@anf.etat.lu













# Traditionell Härläicheprëssessioun zu Meesebuerg

Mat enger Woch Verspéidung wor op Mammendag zu Meesebuerg déi traditionell Härläicheprëssessioun. Erläichendag, och nach Zerläichendag genannt, ass d' Fest, op deem d'kathoulech Kierch d'Héichfest vum Läif a vum Blutt vu Jesus Christus feiert.
An Däitschland ass dëst Fest, dat op de 60. Dag no Ouschteren fält, e Feierdag. Hei zu Lëtzebuerg, ginn a verschidde Poren,den zweeten Sonndeg no Päischten, Prëssessiounen ofgehalen, an deenen dat Allerhellegst, d'Hostie, an enger Monstranz duerch d'Stroosse gedroe gëtt.
Zu Meesebuerg ass et Traditioun, datt de Schlasshär fir déi Geleeënheet säi Schlasspark opmécht a rëscht; et ginn Altär opgeriicht an d'Prëssessioun geet vun der Meesebuerger Parkierch bis an d'Schlasskapell a nees zeréck. De Cortège gëtt vun de Pompjeeën déi den Himmel droen, begleet.
Als Oflschloss huet de neie Propriétaire vum Meesebuerger Schlass zesummen mat de "Fraën a Mammen" e Patt a Kuch zervéiert.

(D'Informatiounen iwwert Erläichendag sinn um www. wikipedia.lu nozeliesen)

Text: Chantal Fohl a Fotoen: Ralph Hermes





# Fête de la Musique

Bei Geleeënheet vun der „Fête de la musique”, enger Veranstaltung, déi groussen Uklang a ville Gemengen uerchtert d'Land huet, hat de Grupp „Rock op der Héicht”, d'Méiglechkeet, hei matzemaachen.
Si hunn déi zwou Gemenge Fiels a Fëschbech als Sponsor gewonnen, an esou stoungen zwee Deeg, den 19. an 20. Juni, am Little Woodstock an op der Fielser Burg, e puer flott Concerten um Programm, déi groussen Zoulaf fonnt haten.

Text a Fotoen: Ren Spautz



The Pendulum's Motion



Seed to Tree



Ensemble Instrumental UGDA



Percussioun's Ensemble
vun der Fielser Musek



Estro Armonico
Countertenor: Jeff Mack
Directioun: Pit Brosius



# Virowend vum N

Bei Geleeënheet vum Nationalfeierdag si folgend Sportler a Pompjeeë geéiert ginn:

**Philippe Faber, Fëschbech,** Velosport, Nationale Stroosse-Meeschter, élite sans contrat, 2013/2014 an 2014/2015

**Laura Weyrich, Angelsbierg,** Schwammen, 3. Plaaz - 800 m Dammen, Nationale Meeschter, 2014/2015

**Marcel Ewen, Weyer,** Reitsport, 1. Plaaz, CSI GP Baku (Az), 2014/2015

**Handball Club Miersch-Dammen-Cynthia Lehnen a Liz Brosius,** 1. Plaaz, Promotioun Dammen, 2014/2015











# Nationalfeierdag

Medaillen vun der Pompjeesfédératioun:
**Gilberto Dinis:** Médaille en or (25 Joer)
**Mike Daems:** Médaille en or avec couronne (30 Joer)
**Roland Miny:** Croix de mérite en or avec couronne (50 Joer)






# Regional Fot





Vum 4. Juli bis den 31. Juli 2015, war op der Feelser Buerg eng Fotosausstellung vu regionale Fotografen.
D'Lis Weber vun Angelsbierg an de Jean-Claude Schaeffer vu Fëschbech hunn eis Gemeng vertrueden. Aus der Fielser Gemeng sinn et d'Christiane Dabé, d'Monique Mathieu, de Marc Biel, de Marc Bollendorff an de Norb Kimmel. D'Gemeng Noumer war vertrueden duerch den Laurent Wies vu Cruchten.
D'Ausstellung war e vollen Erfolleg, war dach d'Kalitéit vun den ausgestallte Fotoen immens héich an et kann een den Aussteller nëmme gratuléieren fir hir vill Aarbecht, déi an esou Fotoen stécht.

Text: Ren Spautz / Fotoen: Ren Spautz an d'Aussteller.



# oausstellung













# Hobbysäit
## Jean-Claude Schaeffer vu Fëschbech



Mir stellen haut en aussergewéinleche Fotograf vir, de Jean-Claude Schaeffer vu Fëschbech.
Aussergewéinlech doweenst, well seng Fotoen déi hee vun eiser Fauna mécht, hiresgläiche sichen. Ze vill versprach hunn ech sécher näischt, dat beweise schonns eleng déi Fotoen, déi hei op der Hobby-Säit ze gesi sinn.

Säin éischte Fotoapparat huet hee mat 9 Joer kritt, e Kommiounsgeschenk, et war dëst eng Yashica, Sucher-Kamera.



Mëtt der 90er Joren, huet hee sech seng éischt Spigelreflex kaaft, eng Canon 5E Eycontrol. Et war déi Zäit, wou de Jean-Claude awer nach ee prioritäert Hobby hat, nämlech d'Fëscherei, wou heen et am Joer 1997 zum Landesmeeschter bruecht huet. Heen huet un Europa- a Weltmeeschterschaften deel geholl, bis dann 1998, säi Réck ugefaang huet, d'Fëscherei net méi z'akzeptéieren.
Et kann een elo soen, et war gutt esou, well vun do un, huet hee sech ganz der Fotografie verschriwwen, mam Resultat, dattmir haut kennen.



Dir gesitt hei, wéi scho gesot, aussergewéinlech Fotoen, Fotoen, déi awer net einfach geknipst sinn, hannert all Foto stecht eng Hällewull Aarbecht. Fir Wëll-Déieren an hirem natierlechen Ëmfeld ze fotograféieren, dozou gehéiert eng Virbereedung. Et muss ee wëssen, wou treffen ech se, um wievill Auer treffen ech se un, ouni si an hirem Environnement ze stéieren. Dozou gehéiert e kamoufléiert Zelt, eng Wëldkamera an et gëtt och emol ugefiddert mat Äppel, Muerten a Kiischten.

Seng Lieblingsmotiver sinn dobäi, virop, den Äisvull, och Äisi vum Jean-Claude genannt, den Hirsch, Fuuss, Dachs, all aner Zort Vigel an neierdéngs och de Biber.

Heibäi geet richteg vill Zäit drop, wuerfir de Jean-Claude Wäert drop leet, op dëser Plaz, senger Famill e grousse Merci auszeschwätzen, well oft kënnt d'Familljeliewen duerch d'Fotografie ze kuerz. Trotzdeem sti seng Fra, seng Kanner a seng Muppen, voll hannert him, well schliisslech d'Resultat sech weise léisst.

Seng Fotoe kann een normalerweis zweemol am Joer op Ausstellunge bewonneren, déi rezenst Ausstellung (Reportage an dësem Blat) war op der Fielser Buerg.

Text: Ren Spautz & Fotoen: Jean-Claude Schaeffer

















# Redaktiounsteam vum Gemengeblat

Mir sinn dabäi datt véierzegst Blat fir eis Gemeng ze realiséieren. Mir, datt ass d'Redaktiounsteam, bestoend aus momentan 6 Leit.

Et sinn dëst: Dany Hermes vun Angelsbierg, Andrea Wagner vun Angelsbierg, Marc Kolber vu Fëschbech, Rol Miny vu Fëschbech, Ren Spautz vun Angelsbierg a Frank Weyrich vun Angelsbierg. Wat dobäi opfällt, et ass keen aus der Uertschaft Schous dabäi.

**Bon, mir sichen nach ee Member fir an eist Team.** Am léiwsten een, dee Kanner an der Grondschoul zu Angelsbierg huet, well eis eng Kontaktpersoun zu de Schoulkanner, dem Léierpersonal, ewéi och zu den Erzéiher aus de Maison relais'en, feelt.

Wéi scho geschriwwen, et wier flott wann déi Fra/Mann vu Schous wier, jiddfer aaneren ass awer och wëlkomm.

Mir wëllen hei awer och net déi vill Bierger aus eiser Gemeng vergiessen, déi eis regelméisseg mat Fotoen a Reportagen ënnerstëtzen.
Mellt iech w.e.g. beim Andrea Wagner (621-238 811) oder beim Ren Spautz (621-327 322), nom 15. September 2015, wann dir intresséiert sidd, bei eis mat ze machen.

Schon elo en décke Merci, d'Team vum Fëschbecher Gemengeblat

 

| Fro | Äntwert | Äntwert |
|---|---|---|
| Numm | Dany Hermes | Marc Kolber |
| Wou gebuer? | Lëtzebuerg | Lëtzebuerg |
| Wéini? | 9 Auer 40 | 18. Mäerz 1963 |
| Meng Stäerkten | Gedold | Beharrlechkeet |
| Meng Schwächten | Mussen anerer beurteelen | Onpënktlechkeet |
| Wat gefält mir un deenen Aneren? | Héiflechkeet | Éierlechkeet |
| Wat gefält mir net un deenen Aneren? | Opdrenglechkeet | Falschheet |
| Meng Hobbien | Clio fueren | Schéisssport, Liesen, Wanderen |
| Meng Musek, déi ech lauschteren | Freddie Mercury | Rock, Folk |
| Ech liese momentan | d'Zeitung | Der grosse Trip/Cheryl Strayed<br>Vom Wandern/H.D. Thoreau |
| Wou ech Vakanz maachen | um Camping | beim Mier oder soss an der Natur |
| Wat mir besonnesch wichteg ass | Meng Famill | Meng Famill |
| Mäi gréissten Dram | e grénge Morgan 4/4 | Gesond al ginn |
| Meng Liewensastellung | An der Rouh läit d'Kraaft | Probéier dech net iwwer Saachen opzereegen, déi s de net kanns änneren |





| Fro | Äntwert | Äntwert |
|---|---|---|
| Numm | Rol Miny | Ren Spautz |
| Wou gebuer? | Fëschbech | Fiels |
| Wéini? | 14. Januar 1947 | 18. Juni 1955 |
| Meng Stäerkten | Sollen déi Aner jugéieren | Ech si rit eraus (ouni Filter) |
| Meng Schwächten | Kann net nee soen | Ech hu keng Gedold |
| Wat gefält mir un deenen Aneren? | Éierlechkeet | Oppenheet |
| Wat gefält mir net un deenen Aneren? | Falschheet, Egoismus | Konservativ sinn |
| Meng Hobbien | Gaart, al Fëschbech, al Fotoen | Fotograféieren, Marschéieren, al Radioen, Déiereschutz |
| Meng Musek, déi ech lauschteren | Oldies | Heavy Metal |
| Ech liese momentan | Hunn de Moment keng Zäit | Dageszeitungen, Zäitschrëften (informatik) |
| Wou ech Vakanz maachen | Wou et mir grad gefält | Sizilien, Provence |
| Wat mir besonnesch wichteg ass | Meng Famill | Meng Kaz |
| Mäi gréissten Dram | Méi Zäit hunn | Ech dreemen net |
| Meng Liewensastellung | Aus allem dat Bescht maachen | All Dag nei erfannen |

 

| Fro | Äntwert | Äntwert |
| --- | --- | --- |
| Numm | Andrea Wagner | Frank Weyrich |
| Wou gebuer? | Deutschland | An der Stad |
| Wéini? | 29. Januar 1968 | 31. Mäerz 1956 |
| Meng Stäerkten | Organisieren | Plangen an organiséieren |
| Meng Schwächten | Ungeduld | Eng dovun: moies (fréi) opstoen |
| Wat gefält mir un deenen Aneren? | Herzlichkeit | Lëschdeg an originell |
| Wat gefält mir net un deenen Aneren? | Unehrlichkeit, wenn der Mut fehlt, Entscheidungen zu treffen | Béierdëschgebraddels |
| Meng Hobbien | Lesen | Reportagen |
| Meng Musek, déi ech lauschteren | Italienische Musik und was gerade so läuft | Net vill, mee soss, eppes wou ech ka matsummen |
| Ech liese momentan | Beim ersten Schärenlicht/ Viveca Sten | Dëse Questionnaire |
| Wou ech Vakanz maachen | In Europa (Meer, Berge, Städte) und daheim | Do, wou et net vill Leit ginn |
| Wat mir besonnesch wichteg ass | Meine Familie | Datt et menger Famill gutt geet |
| Mäi gréissten Dram | Ich bin mittendrin | Datt dat esou bleift |
| Meng Liewensastellung | Immer wenn du meinst, es geht nicht mehr, kommt von irgendwo ein Lichtlein her. | Nëmmen déi doudeg Fësch schwamme mat dem Stroum! |

# Service Krank Kanner Doheem

## L'objectif :

Le « Service Krank Kanner Doheem » offre
une garde individuelle à domicile pour enfants malades.
Ceci permet aux parents de poursuivre leur activité professionnelle
et aux enfants de se rétablir dans les meilleures conditions et
dans leur milieu familial.
Les demandes de familles monoparentales sont considérées en priorité.

## Les tarifs :

Le revenu imposable du ménage sera pris comme base de calcul
pour la participation aux frais de garde.

Revenu imposable inférieur à 1 499,99 € = 0,50€ par heure.
Revenu imposable supérieur à 6 200,00 € = 12,40€ par heure.

Pour les familles monoparentales le certificat de composition de ménage,
établi par la commune est indispensable.

Les frais de parking et de trajet sont à charge des parents:
½ heure de déplacement pour la ville de Luxembourg.
1 heure de déplacement pour toutes les autres communes du Grand-Duché.

Les gardes d'enfants supplémentaires seront comptabilisées à 50 %.

## Les gardes :

Les gardes ont lieu entre 7:00 et 19:00 heures.
La durée d'une garde ne peut pas dépasser 9 heures de suite.
Une visite médicale est indiquée au 2ième jour de la garde.
Toutes les collaboratrices du « Service Krank Kanner Doheem » ont une formation dans le domaine socio-familial et participent régulièrement aux formations internes.

Pour tous renseignements supplémentaires :
☎ 48 07 79
Lundi - jeudi de 7:00 à 12:00 et de 14:00 à 18:00 heures.
Vendredi de 7:00 à 12:00 heures.
Répondeur de 18:00 heures jusqu'au lendemain 7:00 heures.
Le service est fermé les weekends et jours fériés. (Répondeur)

Pour faciliter l'organisation des gardes, veuillez bien remplir la fiche d'inscription ci-jointe.

Vicky Wagner
Responsable
Service Krank Kanner Doheem

Le Service « Krank Kanner Doheem » est financé par la participation des parents, des dons et par convention entre Femmes en Détresse a.s.b.l. et le Ministère de l'Égalité des Chances.

# Tour de Luxembourg



## Angelsbierg



32 ŠKODA TOUR DE LUXEMBOURG

Montag, den 8. Juni 2015

Zeitgutschriften für die Erstengabes beiden diversen Rush-Wertungen.

Traditioneller Gast auf der letzten Etappe: Großherzog Jean zwischen Andy Schleck und Ed Buchette (r.). (FOTOS: SERGE WALDBILLIG)

Die dritte Etappe von Eschweiler nach Diekirch verlangte den Fahrern alles ab.

Das Feld mit Tom Thill (l.) und Alex Kirsch (2.v.r.), um Knupp" in Wiltz.

Voller Einsatz zeigten tagtäglich die Fahrer des Service Moto Presse.

Rodolfo Torres scheiterte am Samstag nur knapp am Tagessieg.

## Artikel: Lëtzebuerger Wort



## Fëschbech



Fotoen: Frank Weyrich & Rol Miny

# Schoulfe

## e grousse

Well an der Tëschenzäit suu vill Kanner an der Angsber Schoul sinn an et och beschwéierlech ass, fir all d'Material hin an hier ze transportéiren, war d'Schoulfest dëst Joer och nees „op der Héicht".

Op der Héicht waren och d'Kanner, déi an der Talentshow gewisen hunn, wat an hinne stécht. Besonnesch d'sechst Schouljoer, oder de Cycle 4.2 wéi et richteg heescht, huet mat sengem Optrëtt hirer Joffer Sarah d'Tréinen an d'Ae gedriwwen an och de Schoulmeeschter, den Här Haas, huet mat den Emotiounen ze kämpfe gehat.

Ofgesinn dovun, hu si och op nationalem Plang op sech opmierksam gemaach. Bei deem alljärleche Mathematikscoucours „Maach Mat(h)", wou sämtlech Klasse vum Grand-Duché untrieden, sinn si dëst Joer di Éischt ginn. E grousse Bravo!

A wie weess, vläicht stinn hir Nofolger och scho prett, well dat aktuellt drëtt Schouljoer huet et a senger Alterskategorie och bis an d'Final gepackt, wou si excellent drëtt gi sinn. Mir schéngen also fir de Moment en etlech gutt Rechekünstler an der Schoul ze hunn.



Text & Fotoen: Frank Weyrich



est 2015

Joergang











# Dagesausfluch Senioreveräin





De 17. Abrëll huet eise Veräin säin traditionnellen Dagesausfluch gemaach. Um Programm stong: Moutarderie de Luxembourg an d'Firma Kaempff-Kohler.

Als éischt ware mir bei der Moschtertfabrek, wou eis den Här Munhoven duerch säi Betrib gefouert huet, e Betrib, dee säit 1908 hei zu Lëtzebuerg besteet. Duerch seng ausféierlech Erklärungen hu mir en Abléck kritt an d'Welt vu Moschtert a Mayonnaise.

Duerno hate mir eng „Visite guidée" vun der Firma Kaempff-Kohler, déi 1922 gegrënnt ginn ass a säit 2004 hir Produktiounen zu Niederanven bedreift.

An hirem Restaurant hu mir Mëtteg gemaach, an en intressanten Dag war eriwwer.
Eis 40 Memberen haten e flotten an léierräichen Dagesausfluch.

Text: Marie-Louise Haas-Erpelding & Foto: Onbekannt

# VC-FILANO

## Nei Uniformen

Eise Veräin besteet elo vun 2008 un an den Owend hu mir d'Éier, eis zweet Garnitur-Uniformen mat Freed kënnen ze présentéieren.

5 Joer hu mir mat eiser éischter Uniform hei am Land, awer och am Ausland Präsenz gewise.
Op quasi alle Randonneeën an och anere Velosveranstaltungen aus dem Fräizäitberäich, déi hei am Land bzw. am noë Grenzgebitt stattfannen, si Membere vun eisem Veräin vertrueden. Mir fuere souwuel Mountainbike ewéi och Coursevélo.

E puer Aktivitéiten, déi hei am Land stattfannen, erausgepickt: Randonnée vun de Fairbikers zu Housen, Randonnée vun de Coolbikers zu Befort, Bike4Life vun de Mennien zu Ettelbréck, 24 Stonnen Velo Wëntger, Jhempy Schmitz zu Dikkrich, Jang Ferrari zu Ettelbréck, 4 Stonnen Grooljen, Charly Gaul zu Iechternach oder och nach de Powerman zu Housen.
Awer och am Ausland wei z.B.: Ulltra Bike Marathon Kirchzarten Schwarzwald, Vulkaneifel Marathon Daun, Eifel Radmarathon Gerolstein, Nove Colli Italien an d'Tour de Mont Blanc an den Alpen.

Enn vum leschte Joer hu mir eis lues a lues op d'Bee gemaach, fir Idien ze sammelen, fir eng nei Uniform ze gestalten. Wat net ëmmer esou einfach ass. Mir hunn de Jan Oostergaard gefrot, fir eis eng Iddi ze ginn, mat wéi enger Firma hee géif schaffen a wat och eng gutt a seriös Gesellschaft wier. Heen huet eis den G-Skin vum Wandhaff uginn, wat eng belsch Firma ass, déi och am Profiberäich täteg ass. Esou si mir op G-Skin mam Här Geluykens Peter komm.

De Luc, de Pitt an d'Danielle hu sech getraff an hunn een Design entworf. No e puer klenge Retouchen hate mir dunn, ufanks vum Joer, eis zwee Designen (nom Retro Touch déi éischt Uniform) stoen.
Elo ass et ugaangen, fir Sponsoren ze sichen.
Et huet och net laang gedauert, bis mir e puer Velosbegeeschterter vun eiser Iddi iwwerzeegt haten.

Mat folgende Sponsore konnte mir eis Iddi realiséieren: Proxy Center Fiels, Oostergaard'Bike Shop Rolleng, Garage Thommes Hiefnech/Miersch, Renovation Bettendorf Miedernach, Jacob a Weis Hiefenech, Calliste Diekrech, Peinture Meyers Fiels, Angsber Brennerei, Immo Corner Bäreldeng, Toiture CFC Miedernach a Red Dog Sennengerbierg.

Eis Velosuniforme sinn awer net nëmme fir eis Männer. Nee, mir hunn och un eis Dammen am Veräin geduecht. Esou hu mir och dës Kéier d'Dammentrikoten a Boxe maache gelooss.
Awer och Laftrikoten hu mir bestallt, an dat esou gutt fir de Summer ewéi och de Wanter.

Den dräi Gemengen, also Fëschbech, Fiels a Noumer, nach eemol e grousse Merci fir déi moralesch a finanziell Ënnerstëtzung. An natierlech och e Merci, datt mier vun den Infrastrukture vun den dräi Gemenge kënne profitéieren.

Text: Joël Weirich & Fotoen: Marc Verschaeren




# VC-FILANO



